d'Info-Bliedchen

AECPT

Association des Expéditionnaires et Commis des P&T

Boîte postale 1155 L-1011 Luxembourg

Den Projet T01 ass « ënner Daag ». Den Här Rosenfeld ass neien Coordinateur vun der NewCo genannt gin, an esou kënnen eis Manager sech ganz mat den Projet'en P01 a P02 befaassen, also mam Ausschluechten vun der Divison des Postes. De P01 ass démno eng systematesch Reorganisatioun vun der Distributioun, dh., ët gët probéiert den Bréifdréier duerch en « porteur de lettres » ze asetzen. Dësen Porteur soll dann den ***sozialen Mindestloun fier eng nët qualifizéiert Aarbechtskraft*** **kréien**. Domadden gët den Bréifdréier « ôfgeschaaf » a sein statut publique ausgehiëwelt. Frei nom Sproch «If you pay Peanuts, you get Monkeys» (Entschëllegt léif zukünfteg Mindestlounempfänger op der Post, daat ass nët péjoratif gemengt) mé an dësem Sënn brauche mer eis dann och käng Gedanken méi iwer irgendwelech Arbechtsqualitéit méi ze maachen, déi ass mat ôfgeschaaft !

Aarme Client !

Fier eis dann elo fit fier 2013 ze maachen, wou d' EU-Liberalisatioun am Postsekteur hier Spëtzt waert hun, muss den Projet P02 elo och nach séier réaliséiert gin. Léif Frënn, an eisen Guichet'en bleiwt domadden ké Stéen méi um aneren. Wi schon sou oft huet sëch als éischt emol eng Consulting-Firma eng gëllen Nues verdingt fir zum Resultat ze kommen, dassen eis Guichet'en am Durchschnëtt en « temps mort » vun 30% opweisen, also nët ausgelaascht sin. Dësem Emmstand kann nëmmen duerch Zesummenléungen vun Buroën (en anert Wuert fier d'Zoumaachen vun Büroen) an duerch opmaachen vun nach méi Postshopen, entgéintgewierkt gin. Mat allen Conséquencen déi daat mat sech brengt.....

Aarme Client !

Claude Ruckert, President vun der A.E.C.P.T.

NEI STILL FIR D'GUICHET'EN AM "OPEN SERVICE".

No villen Reclamatiounen vun eise Kollegen aus de Guichet'en, iwer d'Hockeren, déi momentan an den Guichet'en mat "Open Service" gebraucht gin, huet d'A.E.C.P.T. bei den Responsabelen vum Département Réseau de vente vun der DP intervenéiert. Duerno gouff no neie Still gesicht, an et goufen e puer Modeller zréckbehalen. Vun denen Modeller ass jeweils een bestallt gin, an dës Still maachen lo hiiren Test direkt um Terrain, daat heescht an de Guichet'en mat „Open Service". Di concernéiert Guichet's-Beamten hun dann no der Testphase d'Méiglechkeet fir hiert Uertel iwer di verschidden Modeller ofzeginn. Duerno gëtt dann nach en medezineschen Avis gefrot, iert d'Still fir d'Guichet'en definitiv bestallt gin.

LIBERALISÉIERUNGSWAHN VUN DER REGIERUNG, A MOBBING SÄITENS VUN EISER DIREKTIOUN!

Nodeems dass d'Energieversuergung vun der Staadt Lëtzebuerg a privat Hänn gaangen ass, an daat mat relativ wéinëg Oppositioun vun den concernéierten Gewerkschaften, läit en Gesetz-Projet an der Chamber, deen sech mat der Liberaliséierung vum Post-Secteur am Grand-Duché beschäftegt. Wéi iwwerall an Europa, bleift also Lëtzebuerg nët verschount vum Liberaliséierungswahn, an de Staat ass am Gaangen séng Goldieselen ze verschierbelen. Ab dem Joer 2013 kënnen dann och Bréiwer ënner 50 Gramm, vu privaten Entreprisen transportéiert ginn. Dat neit Gesetz soll den ganzen Secteur reegelen. Et geet drëm virun allem de Service Universel ze garantéieren, dat heescht, dass och de Bréif ënner 50 Gramm, an den entléhensden Eck vum Land muss transportéiert gin. Eng privat Firma ass natiirlech net un sou engem defizitären Geschäft interesséiert. Duerfir geet de Staat hin, an désignéiert eng Entreprise, déi dësen Déngscht garantéiert. Fir d'Onkäschten fir dësen Service ze droen, gesäit d'Gesetz viir dass e Fong geschaafe gëtt, wou den "Prestataire du Service universel" kann drop zréckgräifen. An dësen Fong sollen dann all Entreprisen aus dem Secteur abezuelen. Alles schéin a gutt, wier do nët de klengen Hoken, dass bis elo d'Post déi ass, déi den Service universel garantéiert, a gläichzäiteg bis elo di Eenzeg wier, déi giff oder misst an deen Fong abezuelen, well di aner Firma'en, déi Courrier ausféieren, am Transport-Secteur etabléiert sin. Doduerch wieren se nom neie Gesetz net gezwongen fir den Service universel ze bezuelen. D'Post-Direktioun gesäit als eenzeg Méiglechkeet, wéi sou oft, fir bei den Gehälter a Léin ze spueren, an Loun-Dumping op groussem Niveau ze bedreiwen. Wann een duerch Europa kuckt huet d'Liberaliséierung vun den verschidden Secteuren, bis elo nëmmen Loun-Kierzungen an massive Personal-Ofbau bewierkt. D'Qualitéit ass net eropgaangen an d'Präisser an den verschiddenen Secteuren sinn och net erofgaangen.

D'A.E.C.P.T. versteet déi lëtzebuerger Politik nët méi, a kann d'Handelen an de Point de Vue vun der Regierung net verstoen, déi Blannemännerches's der Liberaliséierungs-Politik vun der EU hannen drun leeft. An der Vergaangenheet haat Lëtzebuerg, wéinst senger Gréisst ëmmer e spezielle Status an Europa a konnt sech bis elo meeschtens laanscht di europäesch Ieselzegkeeten drécken. Mat der aktueller Regierung probéieren mir als Lëtzebuerger mat de groussen Hënn pissen ze goen, an dat op Käschten vun eis all.

Anstatt an innovativ nei Projet'en an Produit'en ze investéieren, weist eis Post-Direktioun mat béisem Fanger op d'Personal-Käschten an ersetzt iwwerall am Land d'Postbüro'en duerch Post-Shopen, an giff de Courrier am léifsten fir en Apel an e Stéck Brout verdeelen loossen. Eis däitsch Post-Kollegen hu scho laang verstan, dass eng Shop-in-Shop-Variant net d'Léisung ass, an dass et am Post-Secteur nach vill Volet'en ginn, wou Suen ze verdéngen ass, wéi zum Beispill, den E-Post Bréif, den elektronesch validéieren a certifiéierten Courrier. Dëse Courrier kann iwwer

den elektroneschen Wee zougestallt ginn, an och iwer Pabeier mat der regulärer Post. Et gëtt een d'Gefill net lass, dass bei der lëtzebuerger Post alles gemaach gëtt fir d'Bréifzoustellung méi schlecht ze maachen, wéi se a Wierklechkeet ass. De Bréifdréier, an de Guichet's Beamten vun haut, si fest an d'Gesellschaft integréiert. Si kennen hir Client'en, an och e perséinlecht Wuert, nieft engem gudden Service sinn selbstverständlech. An den Aen vun eiser Direktioun sinn dëst awer nëmmen Onkäschten. D'Traditioun, de soziale Charakter an d'Confidentialitéit ass an eiser heiteger Welt keen Argument méi! Duerfir gëtt ëmmer erëm ënnerstrach dass d'Fonctionnairen ze vill kaschten, an sech méi krank mellen, wéi en Salarié. D'A.E.C.P.T. seet:

Et geet elo duer!

All Member gëtt gebraucht!
Maacht Reklamm bei ären Aarbechtskolleegen!
All Member ass härzlëch Wëllkomm,
onofhängëg vun Carrière a Statut!

BELVAL PLAZA, TO BE OR NOT TO BE?

Den Département Réseau de vente haat an den vergaangenen Méint Pläng ausgeschafft fir en neien Postbüro op Belval-Plaza opzemaachen, an den Bureau zu Esch-Nord zouzemaachen. Den Syndicat des P&T an d'A.E.C.P.T. sinn géint esou en Projet, well mer der Meenung sinn, daß op Grond vun der Quantitéit vun Operatioun de Bureau vun Esch-Nord nët einfach kann duerch e Postshop ersat gin.

Hei muß een och bedenken, daß de Bureau vun Esch-Nord an engem populatiounsstaarken Quartier läit an an den Nonnenwisen vill Wunnengen bäikommen. Op där anerer Säit konnt een an der Zeitung an der Läscht liesen, daß Belval-Plaza mehr Schein als Sein ass, an daß sech ëmmer méi Commerçanten aus dem Projet zréckzéien. Mee schon wéi su oft ass d'Post en Schrëtt hannendran a wëll dohin, wou aner Betriber aus wirtschaftlechen Grënn erausplënneren. Den iwwerdriwwenen Loyer am Belval-Plaza gëtt a Kaaf geholl an e Bureau, deen groussen Uklang bei der Lokal-Clientèle fonnt huet, géif dann zougemaach gin. D'Post, iwwerall mat Iech!

EIS REGIONAL-VERSAMMLUNGEN

Well am vergaangenen Joër eis Regional-Versammlungen bei eisen Memberen sou groussen Uklang fonnt hun, invitéiere mer och dësen Hierscht ërem op e gudde Maufel an e klenge Pättchen. Dës Owenter sollen eis d'Méiglëchkeet gin, Iech kennen ze léieren, di verschidden aktuell Problemer

opzelëschten an eng flott Zäit ënner Kolleegen ze verbréngen.

Eis Regional-Owenter sin dëst Joër:

- Fir de Süden, den 15. Oktober 2010, zu Bascharage an der Béierhaascht, 240, route de Luxembourg, L-4940 Bascharage.
- Fir den Zentrum, den 22. Oktober 2010, an der Brasserie Centercourt vum Tennis-Club Sandweiler, rue de la Gare, L-5218 Sandweiler.
- Fir d'Regioun Norden, den 29. Oktober 2010 am Steak-House (Hotel Herckmans), 3, place de la Resistance, L-9070 Ettelbréck.

All Regional-Owend fänkt um 19:30 un, an d'Memberen vum Comité vun der A.E.C.P.T. sin frou Iech op engen vun den Owenter kënnen ze begréissen.

Mellt Iech bis w.e.g. 3 Deeg virdrun iwer Mail op d'Adress aecpt@ept.lu un.

Aktuell

D'A.E.C.P.T. ass am Besëtz vun enger Akaafs-Kaart fir d'Provençale zu Leideléng, a bidd dofir sénge Memberen d'Méiglëchkeet, vun dësem Avantage ze profitéieren. Well mer natiirlëch d'Kaart nët kënnen ausléinen hu mer mat den Responsabelen vun der Provençale ausgemaach, dass eis Memberen mat engem Bong an den "Halls du Luxembourg" akaafe kënnen. Wann der interesséiert sidd, dann mellt Iech beim Claude Ruckert um Telefon 4088-7363 oder (privat) 621 77 65 20

Editeur

AECPT

Association des Expéditionnaires et Commis des P&T

Boîte postale 1155 L-1011 Luxembourg

email: aecpt@ept.lu

PRÉSENCE INTERNET:

www.aecpt.lu

PRÉSENCE SUR FACEBOOK:

rejoignez notre groupe "A.E.C.P.T" sur www.facebook.com